

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

„Ëmmer nees fille sech Awunner duerch de Kaméidi vu verschiddene Motorrieder belästegt, grad am Fréijoer a Summer wou nees méi Motosfuerer ënnerwee sinn. Dat schued och dem Ruff vun deene Motorradfuerer, déi sech ganz responsabel op eise Stroosse verhalen. An deem Kader ass den Norde vum Land bekanntlech eng beléiften Destinatioun fir de Motorradtourismus, besonnesch deen aus eisen Nopeschlänner.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Motoräder sinn zanter Juni 2020 a Juni 2022 op eise Stroosse kontrolléiert ginn?*
- *Wéi vill vun dese waren a puncto Sécherheet a Kamdéi net konform zu de virgeschriwwene Reegelen?*
- *A wat fir enge Landesdeeler bzw. op wat fir enge spezifische Strecke sinn dës Kontrolle gemaach ginn?*
- *Wéi vill auslännesch Motorrieder si protokolléiert ginn? Wéi héich ass hiren Undeel ënner alle protokolléierte Motorrieder?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Huet d'Police an de leschte Joere spezifesch Kontrollen a Wunnquartieren gemaach a puncto Kaméidibelästegung duerch getunte Motorrieder?*
- *Ass virgesinn, fir an noer Zukunft verstärkt sou Kontrollen duerchzeféieren? “*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten